ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14. Mee 2018

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Froen un den Här Verdeedegungsminister weiderzeleeden.

D'Regierung huet sech viru Kuerzem « lignes directrices » ginn, déi d'Verdeedegungspolitik an deenen nächste Jore solle beschreiwen.
An där Dokumentatioun déi zu dem Thema existéiert, respektiv publizéiert gouf, steet awer net wéi dës Lignë solle konkret ëmgesat ginn, besonnesch wat d'Personal ugeet. Sonner Zweiwel ass et jo esou, datt eng ganz Rei vun deene Lignë vill a gutt ausgebilte Personal brauche fir kënnen ze fonctionnéieren.

Dowéinst wollt ech dem Här Verdeedegungsminister dës Froe stellen:

1. Wéi gesäit d'Regierung d'Besoine vun der Arméi u Personal fir déi « lignes directrices » kënnen ëmzesetzen ? Wéi eng nei Beruffsprofiller mussen an der Arméi geschaaft ginn? A wéi engem Zäitraum sollen déi Leit rekrutéiert an ausgebilt ginn?
2. An der Carrière vum Offizéier sollen zukünfteg och Universitären aus dem ziville Beräich rekrutéiert ginn. Wat ass do geplangt an no wéi enge Modalitéite sollen déi Leit an de Corps vun den Offizéier integréiert ginn? Muss d'Militärgesetz zu dem Zweck geännert ginn?

3. Ass d’Regierung der Meenung dat och an anere Carrièren d’Modalitéite vum Rekrutement musse modifizéiert gi fir deenen neie Besoine vun der Arméi besser entspriechen ze kënnen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten